



N°7092
Entrée le 27.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministeschesch fir Justiz weiderzeleeden.

Duerch een Akt beim Notaire geet eng Immobilie vun enger Hand an déi nächst. Den Notaire këmmert sech beim Verkaf ëm d'Rechtméissegkeet vun enger Vente a setzt d'Pabeieren op.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministeschesch dës Froe stellen:

1. A wéi fern mussen Notairë kontrolléieren ob hinne kee Fall vu blanchiment virläit? Wat fir Prozedure mussen hei agehale ginn?
2. Am Fall wou eng Immobilie wäit ënnert Maartpräis soll de Besëtzer wiesselen, wat fir Prozedure mussen d'Notairen anhalen, fir ze kontrolléieren, dass dee Moment kee Bedruch virläit?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten

